N° 7216
Entrée le 21.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.11.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chambre des Députés**

Lëtzebuerg, den 21. November 2022

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro zur Nilgäns un d'Madamm Ëmweltministesch, an den Här Landwirtschaftsminister weider ze leeden.

An deene leschte Joren huet sech di invasiv Nilgäns och zu Lëtzebuerg staark verbreet. Fir dem exponentielle Wuesstem vun der Populatioun entgéint ze wierken, gouf en *Plan d'action pour espèces exotiques envahissantes (PA EEE)* opgestallt. Leider kënnt et awer och ëmmer erëm zu Schied an der Landwirtschaft.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Ministere stellen:

- Konnt de Wuesstem vun der Nilgäns-Populatioun zu Lëtzebuerg duerch den PA EEE schonns ofgebremst ginn?
- Denken d'Ministeren, dass di beschriwwe Mesuren duergi fir dem Problem an Zukunft Här ze ginn oder muss ee weider oder aner Mesuren a Betruecht zéien?
- Gesäit ee vir, dass an Zukunft d'Baueren hire Schued, deen duerch di invasiv Nilgäns entsteet, sollen entschiedegt kréien?
    - Wann jo, wien iwwerhëlt déi Entschiedegung?
    - Wann nee, firwat net?

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7216 vum 21. November 2021 vun der éirewäerten Deputéierten Madamm Martine Hansen iwwert „Ouette d'Égypte"**

1. **Konnt de Wuesstem vun der Nilgäns-Populatioun zu Lëtzebuerg duerch den PA EEE schonns ofgebremst ginn?**

Den Aktiounsplang ass viru knapps 2 Joer publizéiert ginn. Fir ee generelle Bilan ze zéien ass et ze fréi: fir eng Tendenz kënne festzehalen an den Effekt vun den bisweilen applizéierte Mesuren, déi am Kader vum PA EEE geholl gi sinn, ze analyséieren, gi méi Erfarungswäerter iwwert d'Zäit gebraucht.

2. **Denken d'Ministeren, dass di beschriwwe Mesuren duergi fir dem Problem an Zukunft Här ze ginn oder muss ee weider oder aner Mesuren a Betruecht zéien?**

All Aktiounsplang ass ee liewegt Dokument a kann och un nei wëssenschaftlech Erkenntnisser, nei Legislatioun oder un nei erprouften Praktiken ugepasst ginn, am Respekt vun der Prozedur déi fir déi Pläng virgesinn ass. Wéi vun der europäescher Legislatioun virgesinn, ass an engem Intervall vu 6 Joer, also fir d'Joer 2025, ee Reporting mat enger Evaluéierung vun der Ëmsetzung vun alle jeeweilege Pläng virgesinn.

Et sinn der Naturverwaltung (ANF) an der Lescht puer Konflikter mat Nilgänse matgedeelt ginn. Dowéinst ass et virgesinn, kuerzfristeg eng éischt Analyse vun den aktuelle Mesuren ze maachen an ze kucken ob een méi fréien Update vum Aktiounsplang néideg ass.

De leschte landeswäite Monitoring vun der Nilgäns (2020) an ee spezielle Monitoring vum Iechternacher Séi (2021) weisen, dass d'Dynamik vun der Populatioun nach ëmmer grouss ass. Landeswäit huet d'Centrale Ornithologique d'Populatioun vun den Nilgänsen op 20-45 Brutkoppele geschat. Am Summer hunn sech méi wéi 150 Nilgänsen um Iechternacher See opgehalen.

3. **Gesäit ee vir, dass an Zukunft d'Baueren hire Schued, deen duerch di invasiv Nilgäns entsteet, sollen entschiedegt kréien? Wann jo, wien iwwerhëlt déi Entschiedegung? Wann nee, firwat net?**

D'Nilgäns als net eenheemesch Vullenaart huet kee Schutzstatus laut dem Naturschutzgesetz an der entspriechender Reglementatioun; dofir kënnen iwwert d'Subside-Reglementatioun fir geschützte Wëlldéierenaarten keng Entschiedegungen fir Schued, deen duerch si entsteet, ausbezuelt ginn.

D'Nilgäns ënnerläit soumat eenzeg der Protectioun vum Déiereschutzgesetz.

Lëtzebuerg, den 21. Dezember 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung